




**AN DER LOUPESCHT**  
CLUB AKTIV PLUS



Aktivitéiteprogramm  
SEPTEMBER - DEZEMBER  
**2025**



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Famille, des Solidarités,  
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**club** +  
**aktiv**

**croix-rouge** +  
luxembourgeoise  
*Menschen helfen*

## Club Aktiv Plus An der Loupescht

### Nei Adress:

14, rue de la Gare

L-6117 Junglinster

T. (+352) 2755 - 3395

Mail : [club-loupescht@croix-rouge.lu](mailto:club-loupescht@croix-rouge.lu)

[www.help.lu](http://www.help.lu) / [www.croix-rouge.lu](http://www.croix-rouge.lu)



**fb/ClubAktivPlusAnDerLoupescht/**

De Büro ass op:

Méindes bis Freides **9h00>13h00**

**14h00>16h00**

*Horaire d'ouverture du bureau :*

*Lundi au vendredi* **9h00>13h00**

**14h00>16h00**

Mir schwätzen / *Nous parlons :*

**LU, DE, FR, EN, PT, ES, NL**

Club Aktiv Plus vun de Gemengen: Bäertref, Bech, Beefort, Betzder, Jonglënster, Konsdref a Waldbëlleg. Mat der Ënnerstëtzung vum Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil.



## SOMMAIRE

Herbstprogramm im Club Aktiv Plus An der Loupescht . . .	4
Informatioun un eis Clienten . . . . .	6
Fotogalerie . . . . .	9
Reegelméisseg Aktivitéiten . . . . .	10
Weihnachtsausflug Heidelberg . . . . .	11
Gemittleche Spadséiergang . . . . .	12
Club Owender . . . . .	13
Gesellschaftsspiller . . . . .	14
Stressreduktioun duerch Opmierksamkeit . . . . .	15
Molcours . . . . .	16
Mëttegiessen am Restaurant . . . . .	17
Sëtzgymnastik . . . . .	18
Sonndesausflug . . . . .	19
Marie-Astrid-Croisière . . . . .	20
Buch Club . . . . .	21
Réckengymnastik . . . . .	22
Foto Wanderung Rëmerschen . . . . .	23
Mëttegiessen am Club . . . . .	24
Internetcafé fir Senioren - Cours . . . . .	25
Gediechtnistraining . . . . .	26
Klangschuelemeditatioun . . . . .	27
Pilzwanderung . . . . .	28
Lëtzebuergesch - richtig schreiwen . . . . .	29
Dagesausflug Dinant . . . . .	30
Yoga . . . . .	31
Seniore Kraaft-Training . . . . .	32
Hierschtfest . . . . .	33
Visitt Militärmusée . . . . .	34
Visitt Ramborn Cider Co . . . . .	35
Spillnomëtteg am Cipa Jonglënster . . . . .	36
Bitburg: Shopping & Eifelpark . . . . .	37
Mam Buergermeeschter on Tour . . . . .	38
Fotoshow - Mëllerdall . . . . .	39
Blumenatelier . . . . .	40
Visitt Gréiwemaacher . . . . .	41
Grillworkshop . . . . .	42
Lunch Concert Philharmonie . . . . .	43
Éischt Hëllef Cours fir Senioren . . . . .	44
Rüdesheim . . . . .	45
Den elektronesche Gesondheetsdossier (DSP) . . . . .	46
Visitt Tram a Bus-Musée . . . . .	47
Bakatelier Lënster Lycée . . . . .	48
Schach-Nomëtten . . . . .	49
Chrëscht Kreativ-Ateliers . . . . .	50
Chrëscht Kichen-Ateliers . . . . .	51
Visitt Nationalbibliothék . . . . .	52
Fake News . . . . .	53
Ice-Park Beaufort . . . . .	54
De Schlof an all senge Facetten . . . . .	55
Bakatelier Bûche de Noël . . . . .	56
Umeldefristformular . . . . .	57
Fotoformular . . . . .	58
Intern Reegelen . . . . .	59
Adressen . . . . .	61

-  Animateur
-  Uert / Lieu
-  Auerzäit / Horaire
-  Material / Matériel
-  Informatiounen / Informations
-  Sprooch / Langue
-  Präis / Tarif
-  Umeldefrist / Date limite d'inscription

# HERZLICH WILLKOMMEN IM NEUEN ZUHAUSE VOM CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT!

Der Herbst bringt frischen Wind – und bei uns gleich doppelt: mit einem neuen Programm und einem neuen Standort!

Wir freuen uns sehr, Sie in unseren neuen Räumlichkeiten begrüßen zu dürfen – ein Ort, an dem Begegnung, Austausch, gemeinsames Lernen und geselliges Beisammensein im Mittelpunkt stehen.

Der Club Aktiv Plus An der Loupescht ist mehr als ein Programm – es ist eine Einladung:

- Raus aus dem Alltag, rein in die Gemeinschaft.
- Neues entdecken, sich inspirieren lassen, gemeinsam aktiv sein.
- Sich begegnen, voneinander lernen und einander stärken.

Ob Sie schon lange dabei sind oder uns gerade erst entdecken – kommen Sie vorbei, schauen Sie rein, bringen Sie gerne jemanden mit!

Unser Team freut sich auf bekannte und neue Gesichter, auf Gespräche, Ideen und gemeinsame Momente.

Lassen Sie uns diesen Herbst gemeinsam gestalten – mit Begegnung, Austausch und neue Perspektiven.

Anabel, Annika, Marisa, Ricardo und Carole  
*Das Team vom Club Aktiv Plus An der Loupescht*



## **BIENVENUE DANS LE NOUVEAU CHEZ-NOUS DU CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT!**

*L'automne apporte un vent de renouveau – et chez nous, c'est doublement le cas : avec un nouveau programme et un nouvel espace !*

*Nous sommes très heureux de pouvoir vous accueillir dans nos nouveaux locaux – un lieu où la rencontre, l'échange, l'apprentissage commun et la convivialité sont au cœur de tout ce que nous faisons.*

*Le Club Aktiv Plus An der Loupescht, c'est bien plus qu'un programme.*

*C'est une invitation à :*

- *Sortir du quotidien et rejoindre une communauté vivante,*
- *Découvrir de nouvelles choses, s'inspirer, être actif ensemble,*
- *Se rencontrer, apprendre les uns des autres et se motiver mutuellement.*

*Que vous fassiez déjà partie du Club ou que vous veniez de nous découvrir – poussez la porte, venez nous voir, et n'hésitez pas à venir accompagné-e !*

*Notre équipe se réjouit de retrouver des visages familiers et d'en rencontrer de nouveaux, d'échanger des idées et de partager des moments ensemble.*

*Construisons ensemble un automne riche en rencontres, en échanges et en nouvelles perspectives.*

*Anabel, Annika, Marisa, Ricardo et Carole  
L'équipe du Club Aktiv Plus An der Loupescht*



# INFORMATIOUN UN EIS CLIENTEN

## INFORMATION À NOS CLIENTS

### UMELDEFRIST

#### DATE LIMITE D'INSCRIPTION

Fir all eis Aktivitéite muss een sech umellen, dëst ass ausschliisslech per Telefon um **2755-3395** oder per Email op **club-loupesch@croix-rouge.lu** méiglech. Denkt och wgl. drun déi jeeweileg Umeldungsfrist fir all Aktivitéit ze respektéieren. Merci.

*Pour toutes nos activités veuillez-vous inscrire soit par téléphone au **2755-3395** ou par email au **club-loupesch@croix-rouge.lu**. Pensez également à respecter la date limite d'inscription de chaque activité. Merci.*

### TRANSPORT

Eng Aktivitéit aus eiser Broschür interesséiert lech? Dir kënn eenzeg wéinst Transportproblemer net drun deelhuelen? Dann zéckt net a rufft eis um **2755-3395** un, zesumme kucke mir no deene verschiddene Méiglechkeeten!

*Une activité dans notre brochure vous intéresse ? Vous ne pouvez pas y participer uniquement à cause des raisons de transport ? N'hésitez pas, contactez-nous au tél. **2755-3395** et ensemble nous verrons les différentes possibilités !*

 <b>NAVETTE</b>					
P+R Lénster Bierg - Op de Fréinen		 <b>Arrêt: Junglinster, Op der Gare / Centre Médical</b>		Op de Fréinen - P+R Lénster Bierg	
Arrêt	intervalles 30 min	intervalles 20 min	Arrêt	intervalles 30 min	intervalles 20 min
P&R Lénster Bierg	9h00 > 15h30	16h00 > 19h00	Op der Fréinen	9h12 > 15h42	16h10 > 19h10
Um Rälland	9h01 > 15h31	16h01 > 19h01	Gonnereng - op der Bréck	9h14 > 15h44	pas d'arrêt
Gemeng	9h03 > 15h33	pas d'arrêt	Gonnereng - rue du Village	9h15 > 15h45	pas d'arrêt
CIPA	9h04 > 15h34	pas d'arrêt	Gonnereng - Mierchen	9h16 > 15h46	pas d'arrêt
Rue de Cerises	9h05 > 15h35	pas d'arrêt	Laangwiss 2/1	9h18/19 > 15h48/49	16h13/14 > 19h13/14
Op der Gare	9h06 > 15h36	16h03 > 19h03	Centre Médical 	9h20 > 15h50	16h16 > 19h16
Centre Médical 	9h07 > 15h37	16h04 > 19h04			



AN DER LOUPESCHT  
CLUB AKTIV PLUS




*Mir si geplënnert!*

*Nei Adress:*

*14, rue de la Gare*

*L-6117 Junglinster*



☎ 2755-3395

✉ [club-loupescht@croix-rouge.lu](mailto:club-loupescht@croix-rouge.lu)

**Mir freeën eis op Äre Besuch!**



# LIGNES DE BUS

JUNGLINSTER

Junglinster P&R:

201 / 211 Limpertsberg

212 / 222 Kirchberg

223 Bonnevoie

244/ 243 / 350 Grevenmacher

250 Junglinster

261 Echternach



Arrêt: Junglinster,  
Op der Gare /  
Rue de la Gare

BERDORF

BECH

BEAUFORT

BETZDORF

CONSDORF

WALDBILLIG

**211 LUX,**  
**Limpertsberg**  
*(via Consdorf,  
Hersberg, Altrier,  
Rippig,  
Graulinster)*

**212 Kirchberg**  
*(via Altrier, Rippig,  
Graulinster)*  
**261**  
**Junglinster P&R**  
*(via Brouch, Zittig,  
Hemstal, Rippig,  
Beidweiler,  
Eschweiler)*

**222 LUX**  
**Kirchberg**  
*(via Haller)*

**350**  
**Junglinster**  
*(Banzelt) via  
Roodt-sur-Syre,  
Olingen,  
Rodenbourg)*

**211 LUX,**  
**Limpertsberg**  
*(via Hersberg,  
Altrier, Rippig,  
Graulinster)*

**222 LUX**  
**Kirchberg**  
*(via Christnach,  
Heffingen,  
Reuland)*



AN DER LOUPESCHT  
CLUB AKTIV PLUS



méi Info /

plus d'information:

2755-3395



# FOTOGALERIE

## GALERIE DE PHOTOS



Aquatower Bäertref



Bernkastel-Kues



Blumenatelier



Mam Buergermeeschter um Tour



Minett Park Fond de Gras



Geierlay



Luxembourg Air Rescue

# Eis Reegelméisseg Aktivitéiten

## *Nos activités régulières*

### Aktivitéit / *Activité*

### Méi Infoen / *Plus d'infos*

Trëppeltour /  
*Randonnée*



**Méindes / *Lundi***

15.09 - 15.12

🕒 9h30 > 11h30

*Petanque* /  
*Pétanque*



**Dënschdes / *Mardi***

02.09 - 28.10

🕒 9h30 > 11h30

Nordic Walking  
am Mëllerdall /  
*Nordic Walking*  
*au Mullerthal*



**Mëttwochs / *Mercredi***

17.09 - 12.11

🕒 9h30 > 11h30

Keelen /  
*Jeu de quilles*



**Mëttwochs / *Mercredi***

10.09 - 17.12

🕒 16h00 > 18h30

👤 Equipe Club Aktiv Plus An der Loupescht

📍 Treffpunkt bei der Umeldung/  
*point de rdv lors de l'inscription*

# WEIHNACHTSAUSFLUG HEIDELBERG

## Dienstag 09.12 und Mittwoch 10.12

Erleben Sie mit uns und unseren Freunden des “Club Aktiv Plus Muselheim” das festlich geschmückte Heidelberg in seiner schönsten Jahreszeit – voller Lichter, Atmosphäre und Geschichte. Gemeinsam genießen wir zwei entspannte Tage mit kulturellen Highlights, gemütlichem Beisammensein und ganz viel Weihnachtsstimmung.

### Tag 1 - Dienstag 09.12

Abfahrt 07:00 Uhr Junglinster – P&R / 7:30 Uhr Mertert, kleine Kaffeepause unterwegs. Bei Ankunft gemeinsames Mittagessen in Heidelberg und anschließend Check-In in unser Hotel: \*\*\*\*Atlantic Hotel Heidelberg  
Nachmittags Besichtigung Weihnachtsmarkt und freier Aufenthalt im Stadtzentrum  
Abendessen auf eigene Kosten und Übernachtung im Hotel

### Tag 2 - Mittwoch 10.12

Frühstück im Hotel und Check-out. Am Vormittag Besichtigung mit Führung Schloss Heidelberg. Anschliessend freier Aufenthalt in Heidelberg und Mittagessen auf eigene Kosten. Am späten Nachmittag Heimreise über Hauenstein.

€ **Preis der Reise pro Person im DZ 355€**  
**Preis der Reise pro Person im EZ 405€**

### Im Preis enthalten:

- Fahrt im \*\*\*\*Reisebus mit WC, DVD und Kühlschrank mit Voyage Schmit
- 1x Übernachtung mit Frühstück im Hotel
- Mittagessen am 1. Tag
- Schlossführung Heidelberg
- 2x Begleitpersonen
- Reiserücktrittsversicherung

-  Equipe Club Aktiv Plus
-  P&R Junglinster
-  07h00
-  DE
-  14.11



# GEMITTLECHE SPADSÉIERGANG

## PROMENADE DOUCE



### Méindes, 15.09 - 10.11

E Spadséiergang ass eng herrlech Aktivitéit, déi et erlaabt, d'Natur ze genéissen an sech ze entspanen. Et ass eng flott Méiglechkeet, frësch Loft ze schnappen an den Alldag hannert sech ze loossen. Bei dësem Spadséiergang vu maximal 60 Minutte ka jiddereen a sengem Rhythmus goen an tëschenduerch op enger Bänk raschten an d'Ëmgéigend genéissen.

### Lundi 15.09 - 10.11

*Une promenade est une activité merveilleuse qui permet de profiter de la nature et de se détendre. C'est une excellente occasion de prendre l'air frais et de laisser derrière soi le quotidien. Lors de cette promenade d'une durée maximale de 60 minutes, chacun peut marcher à son rythme et se reposer sur un banc et admirer la beauté des paysages.*



Equipe Club Aktiv Plus



Treffpunkt bei der Umeldung / *point de rdv lors de l'inscription*



15h00 > 16h00



Ugepasste Gezei, fest bequem Schong, Gedrénks / *vêtements adaptés, chaussures confortables, boissons*



Paus: Schoulvakanz / *pause : vacances scolaires*



Gratis / *gratuit*



Bis Freides virdrun / *jusqu'au vendredi précédant*



## CLUB OWENDER

### SOIRÉE AU CLUB

#### Dönschdes 16.09 / 07.10 / 04.11 / 02.12

Wisou net eng Kéier am Mount e gemittlechen Owend bei eis am Club verbréngen? Eis Benevollen zauberen lech e leckere Menü. Dir wëllt och mathëllefen beim Kachen oder hutt eng aner Iddi dësen Owend flott ze gestalten? Bréngt lech mat Ärem Hobby an a mellt lech gären.

#### Mardi 16.09 / 07.10 / 04.11 / 02.12

*Pourquoi ne pas passer une soirée conviviale par mois avec nous ? Nos bénévoles vous prépareront un délicieux menu. Vous avez envie de donner un coup de main pour la préparation ou avez-vous une autre idée pour contribuer à l'organisation de cette soirée ? Alors faites-nous part de votre passion et n'hésitez pas à nous contacter.*

- |              |   |
|--------------|---|
| <b>16.09</b> | Salade grecque suivie d'un émincé de poitrine de dinde au lait de coco et curry, tagliatelles au beurre, petits pois à la française |
| <b>07.10</b> | Escalope de saumon mariné et grillé teriyaki, riz pilaf, carottes; dessert : tarte citron-coco                                      |
| <b>04.11</b> | Soupe de choux-fleurs à la moutarde suivie de cannelloni ricotta et épinard   |
| <b>02.12</b> | Quiche Lorraine suivie d'un sauté d'épaule d'agneau, gratin dauphinois, haricots verts au lard                                      |

-  Equipe Club Aktiv Plus
-  Club Aktiv Plus An der Loupescht
-  16h00 > 20h00  
(18h00 Owendiessen / dîner)
-  20 € pro Kéier / par unité
-  Eng Woch am Viraus /  
une semaine à l'avance



# GESELLSCHAFTSSPILLER

## JEUX DE SOCIÉTÉ

### Mëttwochs 17.09 - 19.11

Kommt spillt mat, mir treffen eis all Woch bei Kaffi a Kuch a verbrénge gemittlech Stonnen zesummen. Mat Spill a Spaass, vu Bingo, Denkspiller, Mensch ärgere Dich nicht bis Rummikub, vun allem ass dobäi.

### Mercredi 17.09 - 19.11

*Venez jouer, nous nous rencontrons chaque semaine autour d'un café et d'un gâteau et nous passons ensemble des heures agréables. Avec des jeux et des divertissements, du Bingo, des jeux de réflexion, au Rummikub en passant par le jeu de l'oie, il y en a pour tous les goûts.*

-  Equipe Club Aktiv Plus
-  Club Aktiv Plus An der Loupescht
-  14h00 > 16h00
-  5 € pro Kéier / *par unité*
-  Bis Méindes virdrun / *jusqu'au lundi précédant*



# STRESSREDUKTIOUN DUERCH OPMIERKSAMKEET

## RÉDUCTION DU STRESS PAR LA PLEINE CONSCIENCE

### Mëttwochs 17.09 - 19.11

Dëse Cours vun 10 Seancen invitéiert Iech, d'Achtsamkeet duerch de MBSR-Programm (Mindfulness-Based Stress Reduction), entwéckelt vum Jon Kabat-Zinn, z'entdecken. Dës Method, déi vu villen internationale Studien unerkannt ass, huet positiv Auswierkungen op d'Gesondheet: Si hëlleft Stress ze reduzéieren an d'Liewensqualität ze verbesseren. De Bluttdrock geet erof, de Nervesystem reguléiert sech, an e Gefill vun ënnerlecher Rou stellt sech an. Den MBSR ass fir all Persoun gëeegent, déi léiere wëll, besser mam Stress am Alldag ëmzegoen.

### Mercredi 17.09 - 19.11

*Ce cours de 10 séances vous invite à découvrir la pleine conscience à travers le programme MBSR (Mindfulness-Based Stress Reduction), conçu par Jon Kabat-Zinn. Reconnue par de nombreuses études internationales, cette méthode a des effets positifs sur la santé : elle aide à réduire le stress et améliore la qualité de vie. La tension artérielle diminue, le système nerveux s'équilibre, et une sensation de calme intérieur s'installe. Le MBSR convient à toute personne qui souhaite mieux gérer le stress dans sa vie quotidienne.*

**Aféierung / Introduction MBSR :** 17.09 (15h00 > 16h30)

**MBSR Cours:** 24.09 / 01.10 / 08.10 / 15.10 / 22.10 / 29.10 / 12.11 / 19.11 (15h00 > 17h30)

**MBSR Nomëtten / après-midi :** 05.11 (14h00 > 18h00)



Dr. Marie-Paule Theisen



Club Aktiv Plus  
An der Loupescht



Yogamatt / tapis yoga



LU



130 € (10x)



10.09



# MOLCOURS

## COURS DE PEINTURE

**Donneschdes 18.09 - 04.12**

Ausprobéieren, sech mat aneren austauschen, nei Technike léieren. Mat talentéierter Begleedung kennt Dir Är moleresch Erfahrung maachen a kritt vill kreativ Iddien. Dir braucht kee Kënschtler ze sinn, kommt a loosst Ärer kreativer Oder fräie Laf. Maacht mat bei inspiréierende Sessiounen a gitt mat Ären eenzegaartege Wierker heem.

**Jeudi 18.09 - 04.12**

*Essayez, échangez et partagez des nouvelles techniques avec d'autres. Avec des conseils, vous pouvez découvrir la peinture et obtenir de nombreuses idées créatives. Aucune expérience artistique est nécessaire, venez laisser libre cours à votre créativité. Rejoignez-nous pour des sessions inspirantes et repartez avec vos œuvres uniques.*

-  Agnieszka Strzebinczyk
-  Club Aktiv Plus An der Loupescht
-  18h00 > 20h00
-  Schiertech, Molmaterial /  
tablier, matériel de peinture
-  Paus: Schoulvakanz /  
pause : vacances scolaires
-  € 150 € (10x)
-  10.09



# MËTTEGIESSEN AM RESTAURANT

## DÉJEUNER AU RESTAURANT

### Freides 19.09 - 19.12

Kommt mat eis an e Restaurant an der Ëmgéigend. Mir ginn eis Rendez-vous um 12 Auer fir den Aperitif, uschléissend loosse mer eis eppes vum Kichechef préparéieren. Um Programm stinn dës Restauranten:

### Vendredi 19.09 - 19.12

*Venez avec nous dans un des restaurants de la région. Nous nous donnons rendez-vous à midi pour l'apéritif et ensuite nous choisirons parmi les propositions du chef cuisinier. Au programme les restaurants suivants :*

- 19.09 & 26.09** Restaurant Petite Suisse Country  
46, Am Lahr • L- 7641 Christnach
- 24.10 & 31.10** Restaurant La Table d'Am Park  
1, An der Ruetsbech • L- 6552 Berdorf
- 21.11 & 28.11** Restaurant Becher Gare  
1, Becher Gare • L- 6230 Bech
- 12.12 & 19.12** Alma Portuguese Kitchen  
7, rue de la Gare • L- 6117 Junglinster

-  Equipe Club Aktiv Plus
-  12h00 > 14h00
-  Plaze si limitéiert / *places sont limitées* / max. 11 Pers.
-  Consommatiounen op der Plaz ze bezuelen / *consommations à régler sur place*
-  Jeeweils 10 Deeg virdrun / *10 jours à l'avance*



# SËTZGYMNASTIK

## GYMNASTIQUE ASSISE



### Freides 19.09 - 07.11

Sëtzgymnastik ass eng douce Sportsaktivitéit fir all Altersgruppen! Et hëlleft, d'Beweeglechkeet ze verbesseren an d'Muskelen ze stäerken, ouni datt een opstoe muss. Mat einfache Bewegungen a Stretchübungen kann een seng Gesondheet an d'Wuelbefanne verbesseren. Kommt a macht mat, et ass eng flott a gesond Manéier, aktiv ze bleiwen!

### Vendredi 19.09 - 07.11

*La gymnastique assise est une activité douce pour tous les âges ! Elle aide à améliorer la mobilité et à renforcer les muscles sans avoir à se lever. Avec des mouvements simples et des exercices d'étirement, on peut améliorer sa santé et son bien-être. Venez participer, c'est une manière agréable et saine de rester actif !*



Equipe Club Aktiv Plus



Club Aktiv Plus An der Loupescht



15h00 > 16h00



Bequemt Gezeih, Gedrénks / *vêtements confortables et une boisson*



50 € (8x)



15.09



# SONNDESAUSFLUCH

## SORTIE DU DIMANCHE

### Sonndes 21.09 / 09.11

Dir hutt keng Loscht, de Sonnden eleng ze verbréngen? Da kommt mat eis op Entdeckungstour an eis Partnergemengen a feiert mat hinnen hir lokal Festivitéiten! Zesumme verbréng mir en ofwiesslungsräichen a gemittlechen Nomëtten. Et ass eng ideal Geleeënheet, fir d'Regioun z'entdecken an nei Leit kennenzéieren. Déi schéinste Sonndeger sinn déi, déi een zesumme verbréngt!

### Dimanche 21.09 / 09.11

*Vous n'avez pas envie de passer le dimanche seul ? Alors venez avec nous à la découverte de nos communes partenaires et de leurs fêtes locales ! Ensemble, nous partagerons un après-midi varié et convivial. C'est l'occasion idéal pour explorer la région et de faire de nouvelles rencontres. Les plus beaux dimanches sont ceux passés ensemble !*

**21.09**

Duerffest Consdorf  
13, rue de la Mairie • L-6211 Consdorf

**09.11**

Haupeschest Berdorf (5 € Entrée)  
Parking Navette Aquatower • L-6550 Berdorf



Equipe Club Aktiv Plus



14h30 > 17h00



Consommationen op der Plaz ze bezuelen /  
*consommations à régler sur place*



Eng Woch am Virus /  
*une semaine à l'avance*



# MARIE-ASTRID-CROISIÈRE

## Dënschdes 23.09

Verbréngt en Dag am Hierscht u Bord vun der MS „Princesse Marie-Astrid“ mat de Frënn vum „Club Aktiv+“. Genéisst gutt lessen an Drénken op der schéiner Musel. Musikalesch begleitet eis de Jeannot Conter, dee fir eng gudde Stëmmung suergt. Wee wëllt, kann dobäi och d'Danzbeen schwéngen. Mir freeën eis op dësen traditionelle Schëffsausflug.

## Mardi 23.09

*Passez une journée d'automne à bord du MS "Princesse Marie-Astrid" avec les amis du "Club Aktiv+". Profitez d'un bon repas et de boissons sur la magnifique Moselle. L'ambiance musicale sera assurée par Jeannot Conter, qui mettra de la bonne humeur à bord. Ceux qui le souhaitent pourront même esquisser quelques pas de danse. Nous nous réjouissons de cette excursion traditionnelle en bateau.*

### MENU:

Fein Geméiszopp / Crème de légumes

-----

Bouchée, Fritten an Zalot / Bouchée à la reine, pommes frites et salade  
Oder / ou

Gebrode Polenta mat Champignon-Ragout a Geméis /  
*Polenta grillée accompagnée d'un ragoût de champignons et de légumes*

-----

Äppeltaart mat Vanillsglace /  
*Tarte aux pommes accompagnée de sa glace à la vanille*



Equipe Club Aktiv Plus



Quai Marie-Astrid  
Route du vin  
L-6794 Grevenmacher



11h30 Einschiffung /  
embarquement



67 €



10.09



## BUCH CLUB CLUB DU LIVRE

### Dönschdes 23.09 / 21.10 / 25.11

All Mount liese mir e Buch, dat verspricht eis a faszinierend Welten ze transportéieren, mat Geschichte voller Wäisheet, Humor an Emotioun. Eis Diskussionsronne verlafen an enger häerzlecher a gemittlecher Atmosphär, bei engem Téi oder Kaffi, fir d'Bicher zesummen ze diskutéieren an Iddien auszetauschen. Deelt Är Andréck, Erënnerungen an Iwwerleeungen. All Stëmm zielt a bréngt eng nei Dimensioun an eis Gespräicher. Maacht bei eisem Buch Club mat a genéisst interessant Momenter!

### Mardi 23.09 / 21.10 / 25.11

*Chaque mois, nous lisons un livre qui promet de nous transporter dans des univers fascinants, avec des histoires pleines de sagesse, d'humour et d'émotion. Nos rencontres se déroulent dans une ambiance chaleureuse et conviviale, autour d'un thé ou d'un café, pour discuter les livres et échanger des idées. Partagez vos impressions, vos souvenirs et vos réflexions. Chaque voix compte et apporte une nouvelle dimension à nos échanges. Rejoignez notre Club du Livre et profitez de moments intéressants !*

**23.09** Goss - Guy Rewenig

-  Tiffany Saska
-  Club Aktiv Plus An der Loupescht
-  17h00 > 18h00
-  Gratis / *gratuit*
-  Eng Woch am Virus /  
*une semaine à l'avance*



# RÉCKENGYMNASTIK

## GYMNASTIQUE POUR LE DOS



### Mëttwochs 24.09 - 03.12

Wëllt Dir Ärem Réck eppes Guddes doen? Da maacht mat bei eisem Gymnastikcours, dee speziell op d'Gesondheet an d'Wuelbefanne vum Réck ausgeriicht ass. Eis Übungen zilen dorop, d'Réckmuskulatur ze stäerken, Verspannungen ze léisen an d'Haltung souwéi d'Beweeglechkeet ze verbesseren. Den Training ass fir all Niveaue passend - egal ob Dir Ufänger oder scho fortgeschratt sidd. Këmmert lech ëm Äre Réck a gitt gestäerkt a voller Energie nees heem!

### Mercredi 24.09 - 03.12

*Vous voulez faire du bien à votre dos ? Alors rejoignez notre cours de gymnastique dédié à la santé et au bien-être. Notre entraînement est spécialement conçu pour renforcer les muscles du dos, soulager les tensions et améliorer la posture ainsi que la mobilité. Les exercices s'adressent à tous les niveaux, que vous soyez débutant ou avancé. Prenez soin de votre dos et repartez renforcé et plein d'énergie !*

-  Manuela Seifert
-  Centre Culturel A Schmadds
-  09h30 > 10h30
-  Fest Schong, bequemt Gezei, eng Sportsmatt, Gedrénsks / *chaussures fermées, vêtements confortables, tapis de sport, boissons*
-  Paus: Schoulvakanz / *pause : vacances scolaires*
-  DE
-  € 190 € (10x)
-  12.09



# FOTO WANDERUNG RËMERSCHEN

## RANDONNÉE PHOTOGRAPHIQUE REMERSCHEN

### Donneschdes 25.09

Den Hierscht ass voller Faarwen a schéi Momenter an der Natur. Fir dës schéi Momenter anzefänke bidde mir lech eng Fotowanderung un. Kommt mat eis op Rëmerschen a mir probéieren d'Vullen ze fotograféieren. Virun der Wanderung kritt Dir eng kleng Aféierung iwwert Fotografie. Uschléissend gi mir zesumme Mëttegiessen. Ob professionell Kamera, Digitalkamera oder Smartphoneskamera - sidd bei dësem flotten Tour derbäi!

### Jeudi 25.09

*L'automne est plein de couleurs et de beaux moments dans la nature. Pour capturer ces beaux moments, nous vous proposons une randonnée photo. Venez avec nous à Remerschen et nous essaierons de photographier des oiseaux. Avant la randonnée, vous recevrez une petite introduction à la photographie. Ensuite, nous irons déjeuner ensemble. Que vous utilisiez un appareil photo professionnel, un appareil numérique ou un appareil photo de smartphone, participez à cette super randonnée !*

 Will Majerus & Equipe Club Aktiv Plus

 Parking Le Chalet  
Breicherwee • L-5441 Schengen

 9h30 > 14h00

 Consommationen op der  
Plaz ze bezuelen /  
consommations  
à régler sur place

 18.09



# MËTTEGIESSEN AM CLUB

## DÉJEUNER AU CLUB

**Donneschdes 25.09 / 16.10 / 20.11 / 18.12**

Eemol de Mount preparéiere mir en hausgemaachte Menü. Wann Dir gäre kacht a Loscht hutt, d'Mëttegiessie zesummen mat eis ze preparéieren, sidd Dir häerzlech wëllkomm. Beim uschléissenden Mëttegiessen kënt Dir sympathesch Leit treffen a lecker Platen an enger gemittlecher Atmosphär genéissen.

**Jeudi 25.09 / 16.10 / 20.11 / 18.12**

*Une fois par mois, nous préparons un menu fait maison. Si vous aimez cuisiner et souhaitez préparer et déguster le déjeuner avec nous, vous êtes les bienvenus. Lors du repas, vous pouvez rencontrer des gens sympathiques et déguster des délicieux plats dans une ambiance conviviale.*

- 25.09** Saisonale Tomatenzopp, verschidde gebrode Wuppen an Zalotebuffet, Café Glacé
- 16.10** Zelleriszopp, Boulette mat Zooss, Nuddelen a gréng Zalot, Kuch
- 20.11** Fréijoersrullen, Asiatesch Iwwerraschung, Mango Glace
- 18.12** Gereechert Makréil, Fëschrageût mat Purée, Kuch

-  Equipe Club Aktiv Plus
-  Club Aktiv Plus  
An der Loupescht
-  10h00 > 15h00  
(12h00 Mëttegiessen /  
déjeuner)
-  15 € pro Kéier / *par unité*
-  Bis Méindes virdrun /  
*jusqu'au lundi précédent*



# INTERNETCAFÉ FIR SENIOREN - COURS

## Freides 26.09 / 24.10 / 12.12

Ouni digitaalt Kënnen geet et bal net méi. Mat e puer einfache Rotschléi kënt Dir lech an der digitaler Welt besser zurechtfannen. An eise Coursë léiert Dir mat Ärem Handy, Tablet oder Laptop folgend Themen kennen: Toure am Komoot plangen, E-Mail, WhatsApp & Co, Dateschutz a Sécherheet.

Mir sinn op fir all Thema, dat Dir selwer matbréngt. Profitéiert vun dësem Cours, fir Är Froen ze stellen an Neies ze léieren!

## Vendredi 26.09 / 24.10 / 12.12

*Aujourd'hui, il est presque impossible de se passer de compétences numériques. Grâce à quelques conseils simples, vous pouvez mieux vous repérer dans le monde digital. Dans nos cours, vous apprendrez à utiliser votre smartphone, tablette ou ordinateur portable autour des thèmes suivants : planifier des itinéraires avec Komoot, utiliser les e-mails, WhatsApp & Co, la protection des données et la sécurité.*

*Nous sommes également ouverts à tout sujet que vous souhaitez apporter. Profitez de ce cours pour poser vos questions et découvrir de nouvelles choses !*

- |              |                         |
|--------------|-------------------------|
| <b>26.09</b> | Toure plangen am Komoot |
| <b>24.10</b> | E-Mail, Whatsapp & Co   |
| <b>12.12</b> | Dateschutz & Sécherheet |



-  Equipe Club Aktiv Plus
-  Club Aktiv Plus An der Loupescht
-  9h30 > 11h00
-  Smartphone / Tablet / Laptop
-  LU / DE
-  Gratis / *gratuit*
-  Bis Méindes virdrun / *jusqu'au lundi précédent*



# GEDIECHTNISTRaining

## ENTRAINEMENT DE LA MÉMOIRE

**Méindes 29.09 / 13.10 / 27.10 / 10.11 / 24.11 / 08.12**

Vergiesselech si mer jo alt all emol, mee dat muss net sinn. D'Gehier ass e Muskel, deen ee wéi all aner och, trainéiere kann. Mat eisem professionnelle Gediechnistraining vun der LVGT asbl - Lëtzebuerger Veräin fir Gediechnistraining - léiert Dir Techniken, fir Äert Gehier ze trainéieren an Är Konzentratioun ze steigern. Sidd och Dir derbäi an erlieft en ofwiesslungsräichen Training, dee Spaass mécht an lech erméiglecht, Äert Gediechnis aktiv ze verbesseren.

**Lundi 29.09 / 13.10 / 27.10 / 10.11 / 24.11 / 08.12**

*Nous avons tous tendance à oublier, mais ce n'est pas une fatalité. Le cerveau est un muscle que l'on peut entraîner. Avec l'association Luxembourgeoise pour l'Entraînement de la Mémoire - vous apprendrez des techniques pour exercer votre cerveau et améliorer votre concentration. Rejoignez-nous pour un entraînement varié et stimulant, qui vous permettra d'améliorer activement votre mémoire tout en vous amusant.*

-  Mariette Zacharias
-  Club Aktiv Plus An der Loupescht
-  09h30 > 11h00
-  LU / DE
-  € 65 € (6x)
-  15.09 / min. 8 Pers.



# KLANGSCHUELEMEDITATIOUN

## MÉDITATION BOLS CHANTANTS



**Dënschdes 30.09 / 14.10 / 28.10 / 11.11 / 25.11 / 09.12**

Huelt un enger eenzegaarterger Klangrees deel. De Klang, d'Vibratiounen an d'Schwéngunge vu verschiddene Klangschuele wierke schonn a wéinege Minutte regenerativ. Duerch den unhalenden Toun gëtt d'Konzentratioun erhéicht an emotional Blockaden a Verspanunge geléist. Loosst Iech vun dëser berouegender a revitaliséierender Erfahrung matdroen. Probéiert et aus!

**Mardi 30.09 / 14.10 / 28.10 / 11.11 / 25.11 / 09.12**

*Participer à un voyage sonore unique. Le son, les vibrations et les amplitudes de différents bols chantant agissent en quelques minutes sur votre corps. Grâce au ton soutenu, la concentration augmente, les états émotionnels et les tensions sont débloqués. Laissez-vous emporter par cette expérience apaisante et revitalisante. Essayez-le !*



Gabriele Schriever



Veräinsbau "Am laangen Brill"



09h30 > 10h30



Yogamatt, Këssen, Decken / *tapis de yoga, coussins, couverture*



DE



120 € (6x)



22.09



# PILZWANDERUNG

## RANDONNÉE AUX CHAMPIGNONS

### Dënschdes 30.09

Während dëser Wanderung duerch de Bësch vu Chrëschtnach entdecker mir zesumme mat der Société des naturalistes luxembourgeois d'Welt vun de lokale Champignonen. Mir léieren, wéi een iessbar, net-iessbar a gëfteg Champignone vuneneen ënnerscheet, a kréien dobäi wichteg Informatiounen iwwer hiren natierlechen Habitat an d'Reegele fir d'Sammelen. Mat e bësse Chance schenkt eis d'Natur och e puer Champignone fir ze sammelen.

### Mardi 30.09

*Lors de cette randonnée à travers la forêt de Christnach, nous explorerons le monde des champignons locaux sous la conduite de la Société des naturalistes luxembourgeois. Ensemble, nous apprendrons à distinguer les champignons comestibles, non comestibles et toxiques, tout en découvrant des informations sur leurs habitats et les règles de cueillette. Avec un peu de chance, la nature nous offrira aussi quelques champignons à cueillir.*

-  Groupe de Recherche Mycologique de la Société des naturalistes luxembourgeois
-  Fussballsterrain FC Olympia Christnach  
7, Am Lahr • L-7641 Christnach
-  13h40 > 17h00
-  Ugepasste Gezei, fest Schong, Gedrénks /  
*vêtements adaptés, chaussures fermées, boissons*
-  Wanderung wiederohängeg / *randonnée selon la météo*
-  12 €
-  22.09



# LËTZEBUERGESH - RICHTEG SCHREIWEN

**Dënschdes 30.09 - 25.11**

Lëtzebuergesch gëtt scho laang geschwat – an och geschriwwen: op enger Kaart, an engem E-Mail oder op WhatsApp, jidderee grad esou, wéi e mengt. Dat ass verständlech, well vill vun eis hu ni geléiert, wéi een eis Sprooch offiziell schreift. Dobäi gëtt et eng offiziell Orthografie, déi eis Sprooch strukturéiert an eis doriwwer eraus hëlleft, se kloer an eenheetlech ze notzen – och schrëftlech.

An dësem Atelier entdecken mir zesummen d'Grondreegele vun der Lëtzebuenger Schreifweis. An enger gemittlecher Atmosphär übe mir zesummen, tausche eis aus, laachen iwver déi kleng Feeler, déi jidderee mécht, a léieren dobäi, wéi mir eis Sprooch verständlech a korrekt op Pabeier bréngen.

Kommt mat Freed derbäi – et geet net ëm Perfektioun, mee ëm d'Freed un eiser Sprooch!



Manon Radoux



Club Aktiv Plus An der Loupescht



15h00 > 16h30



Notizblock an eppes fir ze schreiwen



Paus: Schoulvakanz



LU



120 € (8x)



Eng Woch am Virus



# DAGESAUSFLUCH DINANT

## EXCURSION DINANT

### Mëttwochs 01.10

Zesummen entdecke mir d'Zitadell vun Dinant. Si steet majestéitesch op engem Fiels iwwer der Meuse a bitt eng otemberaubend Vue op d'Stad an de Floss. De Wee erop mam Funiculaire, deen 1956 ageweit gouf, ass en onvergesslecht Erliednis fir d'Zitadell z'erreechen. No der guidéierter Visitt ass e gemeinsaamt Mëttegiessen geplangt, duerno bleift Zäit fir d'Stad op eegen Fauscht z'entdecken oder akafen ze goen. Duerno steet eng Bootstour op der Meuse vun Dinant op Anseremme an zeréck um Programm - e schéine Schluss fir e gelongenen Dag.

### Mercredi 01.10

*Ensemble, nous découvrons la citadelle de Dinant. Elle trône majestueusement sur un rocher surplombant la Meuse et offre une vue imprenable sur la ville et le fleuve. Un trajet en funiculaire, inauguré en 1956, est une expérience inoubliable pour atteindre la citadelle. Après la visite guidée, un déjeuner en commun est prévu, suivi d'un temps libre pour explorer la ville ou faire du shopping. Après une croisière sur la Meuse, de Dinant à Anseremme et retour, viendra clôturer cette belle journée.*



Equipe Club Aktiv Plus



07h15 P&R Mertert

07h45 P&R Junglinster



07h15 > 19h00



Fest Schong, Wiederentspriechend Gezei /  
*chaussures fermées, vêtements adaptés à la météo*



mat / avec Club Muselheem



98 € (Transport, Entrée an Visite guidée Citadelle, Mëttegiessen, ouni Gedréns, Bootstour /  
*transport, entrée et visite guidée Citadelle, déjeuner sans boissons, croisière*)



14.09



Photo de Thomas Bormans sur Unsplash

# YOGA



## Donneschdes 02.10 - 27.11

An dësem Cours gi Kierper a Geescht duerch verschidde Posen, Otemtechniken a Meditatioun kombinéiert fir e positiivt Wuelbefannen z'ereechen. Yoga & Meditatioun betounen d'Individualitéit an de Rhythmus a férdere soumat e ganzheetlechen Usaz fir geeschteg an kierperlech Gesondheet.

## Jeudi 02.10 - 27.11

*Dans ce cours, on associe le corps et l'esprit à travers diverses poses, techniques de respiration et méditation afin d'atteindre un bien-être positif. Le yoga et la méditation mettent l'accent sur l'individualité et le rythme, favorisant ainsi une approche holistique de la santé mentale et physique.*

-  Gabriele Schriever
-  Veräinsbau „Am laange Brill“
-  09h00 > 10h00
-  Yogamatt, Këssen, Decken / *tapis de yoga, coussin, couverture*
-  Paus: Schoulvakanz / *pause : vacances scolaires*
-  DE
-  80 € (8x)
-  18.09



# SENIORE KRAAFT-TRAINING

## MUSCULATION POUR SENIORS



### Donneschdes 02.10 - 27.11

Entdeckt d'Kraaft vum Alter! Eise Seniore Kraaft-Training ass speziell dorop ausgeriicht, Är Stärkt, Beweegelechkeet an d'Liewensqualitéit ze verbessern. An eisem motivéierenden an ënnerstëtzende Cours schaffe mir zesummen drun, Är Muskulatur ze stäerken, d'Schanken ze festegen an Är allgemeng Gesondheet ze fërderen. Mat moossgeschneiderten Übunge wäert Dir lech méi staark, energiegelueden a selbstbewosst fillen.

### Jeudi 02.10 - 27.11

*Découvrez la puissance de l'âge ! Notre entraînement de force pour seniors est spécialement conçu pour améliorer votre force, votre mobilité et votre qualité de vie. Dans notre cours motivant et soutenant, nous travaillons ensemble pour renforcer vos muscles, solidifier vos os et promouvoir votre santé générale. Avec des exercices sur mesure, vous vous sentirez plus fort, énergique et confiant.*

-  Equipe Club Aktiv Plus
-  Al Scheier Betzdorf
-  10h30 > 11h30
-  Bequemt Gezeih, Yogamatt a Gedrénks /  
*vêtements confortables, tapis de yoga et une boisson*
-  Paus: Schoulvakanz / *pause : vacances scolaires*
-  € 50 € (8x)
-  26.09



## HIERSCHTFEST FÊTE D'AUTOMNE

### Donneschdes 02.10

Kommt laanscht a léiert eisen Hierscht-Programm an eis Ekippen kennen! Dir kënnt hei de neie Club an all seng Facetten kenneléieren, a vläit souguer deen een oder anere begéinen dee schonn un eisen Aktivitéiten deel hält. Och fir lech ass bestëmmt eng passend Aktivitéit dobäi! Hei kënnt Dir eise Mataarbechter Är Froe stellen oder eis gären Aktivitéite fir eis nächst Broschür proposéieren! Feiert zesumme mat eis d'Rentrée an d'Aktivitéiten!

### Um Menu: verschidden Zoppen vum Buffet

### Jeudi 02.10

*Passez nous voir, faites connaissance de notre équipe et découvrez notre programme d'automne ! Vous pourrez découvrir notre club directement sur place et peut-être même rencontrer quelques-uns de nos participants. Il y aura sûrement une activité qui vous plaira ! Profitez-en pour poser vos questions ou proposer des activités pour notre prochaine brochure.*

*Fêtez avec nous la reprise des activités !*

### Au menu : buffet de soupes

-  Equipe Club Aktiv Plus
-  Club Aktiv Plus An der Loupescht
-  12h00 > 14h00
-  15 €
-  25.09



# VISITT MILITÄRMUSÉE

## VISITE DU MUSÉE NATIONAL D'HISTOIRE MILITAIRE

### Freides 03.10

De Militärmusée zu Dikrech weist Dioramaen an Originalgréisst, déi d'Liewe vun de Zaldoten an d'Schluechte vum Zweete Weltkrich, besonnesch d'Ardennenoffensiv, realistesch duerstellen. Méi wéi 100.000 Objeten, 50 Gefierer an 50 detailléiert Zeenen erziele vun dëser Zäit. En Deel vun der Ausstellung ass och der Geschicht vun der lëtzebuergescher Arméi gewidmet, mat Uniformen, Waffen an Dokumenter. Zum Ofschloss gi mir zesumme Mëttegiessen - eng flott Geleeënheet, fir eis Andréck vun dëser Visitt auszetauschen.

### Vendredi 03.10

*Le musée national d'histoire militaire de Diekirch présente des dioramas grandeur nature illustrant la vie des soldats et les combats de la Seconde Guerre mondiale, notamment la bataille des Ardennes. Plus de 100 000 objets, 50 véhicules et 50 scènes réalistes témoignent de cette période. Une section est également consacrée à l'histoire de l'armée luxembourgeoise, avec uniformes, armes et documents. Pour conclure, nous partagerons un déjeuner convivial, l'occasion d'échanger nos impressions autour de cette visite marquante.*

-  Equipe Club Aktiv Plus
-  Musée national d'histoire militaire  
10, Bamertal • L-9209 Diekirch
-  09h50 > 14h30
-  LU
-  10 € (Visitt an Entrée /  
visite & entrée ;  
Consommatiounen op der  
Plaz ze bezuelen /  
consommations à régler  
sur place)
-  25.09



## VISITT RAMBORN CIDER CO. VISITE RAMBORN CIDER CO.

### Méindes 06.10

Mam Ufank vum Hierscht ass et déi perfekt Zäit fir eng Entdeckungstour bei Ramborn Cider Co.. Mir kréien d'Geleeënheet, dëse Cidresdomaine duerch eng geféiert Visitt ze entdecken, déi eis an d'Welt vun der handwierklecher Produktioun féiert. D'Visitt fänkt mat der Projektion vun engem kuerze Film un, suivéiert vun enger historiescher Presentatioun. Duerno entdecker mir déi verschidde Schrëtt am Fabrikatiounsprozess vum Cidre. Fir d'Visitt ofzeschléissen, gëtt eng Degustatioun vun all de Cidren ugebueden - eng flott Geleeënheet, fir déi villfälteg Aromaen ze genéissen.

### Lundi 06.10

